Schoulvakanz, genuch oder ze vill?

An der Bilanz hu Schüler ongeféier 126 Deeg schoulfräi, woubäi een Aarbechter da nëmmen 38 huet. Vill Kritiker sinn der Meenung, datt d'Kanner ze vill Fräizäit hunn. D'Kanner, am Géigendeel, sinn der Meenung, datt déi néideg sinn.

Fir si ass d'Schoul ustrengend a belaaschtend. Ausserdeem hunn si just wierklech Vakanz, wann si näischt fir d'Schoul maache mussen. Mee, dat ass net oft de Fall. Déi meescht Enseignante verstinn net, datt Vakanz néideg ass a ginn onnéideg vill Aufgaben. Sou also kennen d'Schüler ni entspanen oder sech Zäit fir sech selwer an aner Saachen huelen. Well d'Schüler an der Schoulzäit schonn net vill Zäit fir sech hunn, missten si déi wéinstens an der Vakanz hunn.

Fuerscher sinn der Meenung, datt Schüler nei Energie sammele mussen a genau dofir ass d'Vakanz néideg. Et braucht ee Vakanz fir sozial Kontakter verbesseren ze kennen. An der Schoulzäit ass et nämlech oft de Fall, datt ee keng Zäit huet fir sech mat Frënn ze treffen. Dat verstinn d'Proffen awer oftmools net. Ze vill Ustrengung kann zu engem Burnout feieren, dofir brauchen d'Schüler Vakanz fir Erhuelung. Dofir kann een net behaapten, datt d'Schoulvakanzen ze vill sinn. Mee et kann een éischter soen, datt d'Schüler ze wéineg Fräizäit ausserhalb vun hirer Schoulzäit hunn. Mee dorunner hunn d'Schüler keng Schold.

Mee et däerf een de Schüler awer och net ze vill Vakanz bidden. Jidderee brauch nämlech eng Bildung. D'Vakanz ass ee wichtegen Deel vun enger Schoulcarrière. Also ka kee Schüler behaapten, datt d'Schoul Iwwerflësseg ass. Ouni d'Schoul hätt een nämlech net esou vill Vakanz. Zum Schluss kann een also soen, datt d'Schüler duerch d'Schoul, och wann se vill leiere mussen, awer nach vill Vakanz hunn.